ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

A leschter Zäit heefe sech d'Fäll vu Leit, déi net verstinn, firwat si mat 75 Joer hire Führerschäin net verlängert kréien. Sou kritt beispillsweis ee Mann, deen 1945 gebuer gouf, säi Kamionsführerschäin (iwwer 7,5 Tonnen) net méi verlängert wéinst sengem Alter, obwuel hie kärgesond ass an nach ni de Führerschäin verluer huet. Hien huet bei der entspriechender Verwaltung reklaméiert. Déi huet sech awer hannert „europäesche Reegelen" verschanzt. Et huet sech awer erausgestallt, datt een an Däitschland a Frankräich ouni Problem och an deem Alter säi Führerschäin verlängere kann.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Ass den Här Minister um Courant vun dëser offensichtlecher Altersdiskriminatioun?
2) Kann den Här Minister preziséieren, wat fir „europäesch Reegelen" eng Verlängerung vun deem genannte Führerschäin verbidden?
3) Gedenkt den Här Minister an dëser Fro ze reagéieren, fir datt esou eng Diskriminatioun ophält?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742